
22. SEPTEMBER

# ZUR ERÖFFNUNG



Drop gong en un, a rêseg
op Schlënnermanescht lass:
E wosst all Wê a Stêen,
e wosst dem Fûss sei Schlass.

Hie gong, a kwiesch durch d'Bëscher
an iwer Dall a Bierg . . . .

De Bier ko'm em den Owend
beim Schlass Malpârtes un:

Malpârtes ass eng Festonk,
de' schénst, de' Renert huet,
an dat vu senge Schlässer,
Dat him am beste gued.

Mat Gruewen an vill Diren,
mat Schlëff an hêmlech Gäng:

De Bier nu stong um Glacis,
do kuckt e ronderëmm.

Op Fe'schend wêss ech Hunneg,

So' sot de Fuss. Se go'ngen
ënzok op Fe'schend lass,
dat leit eng halef Stënnchen
vum Renert sengem Schlass.